Wou ginn Elteren nuets hin?

Openscreen asbl (LU) · Lauschtersteck / Kappkino – Erzielung, Musek

„Beim Kappkino *steht (...) ein bisher unveröffentlichter Text der luxemburgischen Musikerin und Schriftstellerin Claudine Muno im Fokus. Diese ist bekanntermaßen keine Frau beschönigender, inhaltsleerer Sonntagsreden. In* Wou ginn Elteren nuets hin? *nimmt Muno (nicht zum ersten Mal) gekonnt die Perspektive eines Kindes ein und stellt wichtige, wenn auch beängstigende Fragen. So zum Beispiel jene danach, wo Eltern abends hingehen und ob sie wirklich zurückkehren werden.“*

Anne Schaaf, Tageblatt, November 2017

Tarif: **P1**

Alter: 13 – 99

Mir huelen Iech mat op eng Klangrees duerch déi eng Nuecht, jo, genau déi, wou d'Eltere fort ginn.

Sidd ganz Ouer, lauschtert d'Geschicht, verfollegt di sensibel Audio-Inzenéierung déi live virun Iech entsteet. Kommt mat op eng skurril fantastesch Rees duerch e gelunge kënnegen Universum mat frieme Bekannten an onbekannte Frënn. „*Kappkino*“ geet duerch d'Ouer an d'Gehiir.

De Nolauschterer mécht et sech a sengem Sëtz bequem an ass fir 75 Minutten säin eegene Billermecher an Acteur, an enger fantastescher Geschicht déi duerch d'Nuecht féiert. Et ass alles live, all Toun, all Wuert gëtt live op der Bühn gespillt.

Mee déi Bühn kann ee just erroden, et spiert ee Präsenzen, heiansdo gesäit een eng Beweegung mee d'An gëtt net gefiddert, d'Haaptsach leeft iwwert d'Ouer an de Kapp of.

Eréischt ganz zum Schluss, wann d'Nuecht eriwwer ass, gesäit ee wat een déi ganzen Zäit gehéiert huet, an d'Biller am Kapp stëmmen oft net mat der Realitéit iwwereneen.

Et geet ëm e Kand, deem seng Elteren owes einfach fort ginn, ouni eppes ze soen. Hat geet op d'Sich no hinnen a begéint interessante Personnagen, déi him de Wee duerch d'Nuecht weisen. Et ass eng Geschicht vun Transitioun, vum Groussginn.

Eng Geschicht vu Konfrontatioun mat Ängschten a vum Meeschtere vu schwierege Situatiounen. Jidderee fënnt sech an der Geschicht erëm.

Sa 16.03.19, 20h
So 17.03.19, 16h

Dauer: 75'
op Lëtzebuergesch

E LAUSCHTERSTÉCK VUM
Claudine Muno

IDDI A PRODUKTIOUN:
Tanja Frank

REGIE:
Dan Tanson

ERZIELUNG:
Betsy Dentzer

MUSEK:
Nataša Grujovi (Zéiharmonika),
Michel Feinen (Perkussioun & Objeten)

KREATIOUN: Oktober 2017

PRODUKTIOUN:
Openscreen asbl

KOPRODUKTIOUN:
opderschmelz - Centre Culturel Régional Dudelange, CNA - Centre National de l'Audiovisuel

Ënnerstëtzung: Focuna, Ministère de la Culture, neimënster, Œuvre Nationale de Secours Grand-Duchesse Charlotte

FOTOEN:
Emile Hengen



Schoulvirstellung:
secondaire – 7e, 6e, 5e

Mé 18.03.19, 10h

A wann Elteren **Sonndes de 17. Mäerz** an de Kappkino ginn, ouni hir Kanner tëscht 6 an 12 Joer, da proposéiert den Escher Theater deene Kanner en Atelier am Theater.
Nom Kappkino sollen d'Elteren hir Kanner awer erëm mat heem huelen.
RDV um 15h45 am Theater.

Umeldung: ateliers@theatre.villeesch.lu

„Das Kappkino ist ein sinnliches Klang- und Hörerlebnis, bei dem jeder, der sich darauf einlässt, seine eigene assoziative Bildwelt erschaffen kann. Wie das geht? Man fläze sich im Dunkeln in einen Liegestuhl und lasse sich von den Klängen, Geräuschen und Erzählungen entführen in eine zauberhafte Welt.“

Anina Valle Thiele, Lëtzebuerger Land, Oktober 2017